



EUROPÄESCHE BEHÄNNERTEFORUM 1997-2007: 10 JOER ASAZ FIR 'T RECHTER VU BEHÄNNERTE LEIT

**Loosst eis duerfir suergen dass Diskriminéierung zur Geschicht gëtt
Géint Diskriminéierung vu behännerte Leit ugoe geet eis ALL un.**

1997 hu sech europäesch an national Organisatioune vun behännerte Leit an Eltere vun behännerte Leit, déi sech net selwer kënne verrieden, zesumme gedoe fir den Europäesche Behännerteforum (EDF) ze grënnen.

Den EDF ass eng onofhängeg an eemoleg Plattform an Europa, mat enger pro-aktiver Roll vis-à-vis vun Europäeschen Institutiounen an Décideuren, fir 't Rechter vun de behännerte Leit ze verdeedegen an ze protégéieren. Seng Ambitioun an dagdeeglech Aktivitéit ass den Afloss op 't Gesetzgebung vun der Europäescher Unioun, well all EU Décisioun an Initiativ en direkten Impakt op den Alldag vun europäesche Bierger mat Behënnerungen op allen Niveauen hunn.

E Jorzéngt ass zënter dem Ufank vun eisem intensiven Asaz vergaangen. Haut kënne mir, 't Leit mat Behënnerungen an 't Eltere vun behännerte Leit déi sech net selwer verriede kënnen, mat Stolz op eise Bäitrag zugonschte vun de Rechter fir behännerte Leit an Europa zeréckkucken. Mir müssen haut och no vir kucken a weiderhin Afloss huele fir 't gesetzlech Mesuren am Sënn vun der Anti-Diskriminéierung an Europa ze stäerken, a sécherzestellen, dass déi voll Integratioun vun behännerte Leit an 't Gesellschaft eng Realitéit gëtt. Mir müssen dëst maachen, well Behënnerung mat Mënscherechter ze dinn huet a well Behënnerung eppes ass, wat eis all concernéiert.

HANNERGRËNN VU BEHËNNERUNG

- Behënnert Leit si keng kleng Minoritéit: mir si méi wéi 50 Milliounen EU Bierger mat enger Behënnerung, a stellen domatten méi wéi **10% vun der EU Populatioun duer.**
- **All 4. Famill** huet e Familljemember mat enger Behënnerung.
- Mir hunn **2 mol manner Chancë** wéi netbehënnert Leit fir en Ausbildungsniveau vum 3. Grad ze erreechen.
- Vill behënnert Kanner hu kee gläichberechtigten **Zougank zu Ausbildung.**
- Et ass méi wéi wahrscheinlech dass eist **Akommes** aus gesetzlechen Allocatiounen wéi vun enger Pai hierkënnt. Doriwwer raus ass eist Akommes **normalerweis vill méi niddereg** wéi dat vun netbehënnerte Persounen.
- De **Chômage ass bei eis duebel esou héich** wéi bei netbehënnerte Leit.
- Mir liewen an enger **Ëmwelt déi net accessibel ass**, obwuel mir, zesumme mat anere Leit déi zäitweileg eng reduzéiert Mobilitéit hunn, 40% vun der Populatioun ausmaachen.
- Ënnert de behënnerte Persounen **huet 1 vun 2 nach ni u Fräizäit-, Kultur- oder Sportaktivitéiten deelgeholl**, a wor nach ni an engem Theater, Kino, Concert oder enger Bibliothéik...
- Mir sinn der **Isolatioun an de Virurteeler** ausgesat.
- Et gëtt méi wéi 200.000 Leit mat Behënnerungen déi **gezwonge sinn, a geschlossenen Institutiounen ze liewen**, ouni 't Recht hir eege Choixen am Liewen ze maachen a vun den elementarsten Mënscherechter ausgeschloss
- Déi **fräi Zirkulatioun vu Persounen** an der Europäescher Unioun ass just eng Ideal-Virstellung fir eis, well meeschtens nach ganz vill Barrièren eis et net méiglech maachen, déi Plaz ze verloosse wou mer liewen.

1997-2007: 10 JOER DE WEE VIRBEREET

Déi alleréischte Leeschtung vum Europäesche Behënnerteforum 1997 huet de Wee zu enger neier Ära fir Leit mat Behënnerungen an Europa opgemaach: 't Adoptioun vum Anti-Diskriminéierungsartikel 13 am Traité vun Amsterdam, déi alleréischte an eemoleg Referenz zu Behënnerung am Traité vun der EU. E grouse Succès den eng legal Basis geschaf huet fir behënnert Leit virun Diskriminéierung ze protegieren an den der Europäescher Unioun 't Responsabilitéit operluegt huet, an dësem Sënn ze schaffen. Sou eng Leeschtung wier ni méiglech gewiescht ouni eng europawäit Mobiliséierung vun behënnerte Leit an hiren Organisatiounen.

No 10 Joer intensiver Aarbecht op europäeschem an nationalem Plang, steet den Europäesche Behënnerteforum hannert enger Onmass vun europäeschen Initiativen an Décisionen um legislative Plang, déi 't Liewen vun behënnerte Leit a ganz Europa verännert hunn an nach weiderhin wäerte verännere:

- Ëmmer méi europäesch Stied bidden accessibel öffentlech Transporter fir Leit mat reduzierter Mobilitéit un, an droen domatten zu hirer Autonomie a Mobilitéit bäi;
- Patrone musse bei den Astellungsprozeduren der Chancëgläichheet Rechnung droen an 't Aarbechtsplaz un 't Besoine vun der behënnertes Persoun upassen;
- Eng behënnert Persoun kann hire Patron verkloe wa si sech bei hirer Kandidatur fir eng Aarbechtsplaz oder eng Formatioun diskriminéiert fillt;
- Ëmmer méi öffentlech Websäite si fir Leit mat Behënnereungen accessibel;
- Ëmmer méi Lifter ginn esou aménagéiert, dass si accessibel sinn;
- Ëmmer méi Produiten an Déngschter vun der Informatiouns- a Kommunikatiounstechnologie wéi Mobiltelefonen, Computeren a Programmer,... sinn hautdësdaags fir blann a sehbehënnert Leit accessibel;
- Euro-Mënz a –Schäiner sinn déi accessibelst Währung déi et jee an Europa ginn ass;
- Ëmmer méi Medikamenter déi verkaf ginn, hunn haut Informatiounsetiketten mat Blanneschrëft;
- Leit mat Behënnereungen hunn, wa si mam Fliger reesen, vum Flughafen wou si fortfléie bis op de Flughafen wou si ukommen, Urecht op eng Hëllefstellung vu gudder Qualitéit;
- Op Initiativ vum EDF huet dat Europäescht Joer fir Leit mat Behënnereungen 2003 't Méiglechkeet geschaf, 't Sensibiliséierung fir Behënnereung vum europäeschen op de lokale Niveau ze bréngen, an a villen europäesche Länner sinn Initiativen um Regierungs- a Gesetzesplang geholl ginn;
- Bei öffentlechen Ausschreiwungen fir Produiten an Déngschtleeschungen mussen öffentlech Instanzen op 't Accessibilitéit fir Leit mat Behënnereungen oppassen;
- 35 % vun den EU Finanzéierungen fir regional a lokal Géigende mussen de Prinzip vun der Anti-Diskriminéierung an der Accessibilitéit fir behënnert Leit respektéieren;
- Déi International Konventioun fir 't Rechter vun de behënnerte Persounen, déi vum EDF staark ënnerstëtzt a vun der Generalversammlung vun de Vereente Natiounen am Dezember 2006 ugeholl gouf, ass dat éischt rechtsverbindlech, internationalt Instrument, dat och fir 't Europäesch Unioun an hir Memberstate gelt.

2007 A WEIDER: MIR MUSSE MOBILISÉIEREN FIR EIS RECHTER ZE VERDEEDEGEN!

> Zougank zu gesetzlecher Protektioun, gesetzlecher Identitéit a gesetzlecher Unerkennung

Mir, 't Leit mat Behënnerungen, misste grad esou wéi all aner europäesch Bierger virum Gesetz unerkannt ginn. Opgrond vun de bestoenden internationalen Instrumenter fir Mënscherechter muss et méiglech sinn, eng legal Identitéit ze hunn, a wann néideg, déi Ënnerstützung ze kréien, fir dës legal Identitéit an alle Liewenssituatiounen kënnen ze genéissen, wéi och beim Recht op Eegentum, eis eege Finanzen ze géréieren, Décisiounen ze huelen a Choixen ze treffen wat eist Liewen an eis Participatioun an der Gesellschaft ugeet.

> Ausbildung fir Jiddereen

Mir, als behënnert Kanner an Erwuessener, müssen e **gläichberechtigten Zougank** zur Ausbildung hunn; an de Genoss vun esou enger Ausbildung kommen, ob se speziell oder traditionell ass; an enger **inklusive Form**, a mir müssen de **Choix** hunn, am Dialog mat eiser Famill iwver eis schoulesch Besoinen a Wënsch ze decidéieren.

> Gläich Behandlung bei der Astellung op eng Aarbechtsplaz

Mir mussen genee 't **selwecht behandelt** ginn wéi déi aner Bierger wa mir eis fir eng Astellung oder e berufleche Reklassement mellen. Doriwwer eraus mussen mir, bei gläicher beruflecher Situatioun a Kompetenz, och dat **selwecht Gehalt an déi selwecht Rechter** kréien. Schlussendlech müssen 't Patrone bereet sinn, 't Aarbechtsplaz esou ze aménagéieren, dass se de Besoinen vun der behënnerten Persoun gerecht gëtt.

> Sozial Ofsécherung, sozial Hëllef abegraff

Mir, behënnert Bierger, hunn e Recht op gläich Méiglechkeete fir an en anert EU-Land ze plënnere, do ze studéieren, ze schaffen, e Familljemitglied ze besichen asw. Dat setzt den Ofbau vun Obstacelen an de Systemer vun der sozialer Ofsécherung voraus.

> Onofhängeg an der Communautéit liewen an eis eege Choixen maachen.

Mir, grad esou wéi all aner Bierger, müssen 't Méiglechkeet hunn op der Plaz vun eiser **Wiel** ze liewen, eis **eegen Décisiounen** ze huelen, op Déngschter zeréckgräife kënnen, déi eis **Onofhängegkeet** a **gläichberechtigt Participatioun** erméiglechen (wéi z.B. e Recht op perséinlech Assistenz). De Familljen hir wichteg Roll bei de perséinleche Choixen, der Ausbildung an der sozialer Inclusioun vun behënnerten Kanner a Leit déi sech wéinst hirer grousser Onofhängegkeet net selwer kënnen vertrieben, muss unerkannt ginn. Ressourcen an Ënnerstützung, déi de Besoinen vun de behënnerten Persounen an hire Famillje Rechnung droen, müssen disponibel sinn.

> Zougank zu Gesondheets- a laangfristeger Fleeg

Mir müssen, grad esou wéi aner Bierger, a besonnesch als Persounen deenen hir kierperlech oder geeschteg Verfaassung reduzéiert ass, 't Recht op **qualitativ, efficace a bezuelbar Gesondheets- a Fleegedéngschter** hunn, déi de Besoinen an dem Accord vun all Einzelne Rechnung droen, mat enger fréizäiteger Diagnos, enger prompter Interventioun, Réeducatioun an Disponibilitéit vun de noutwennege Ressourcë fir eng beschtméiglech Entwécklung.

> Zougank zu Produiten an Déngschtleeschungen

Mir, grad esou wéi aner Konsumenten, müssen tëscht enger breeder Palette vun Produiten an Déngschtleeschungen wéi kënnen. Et musse gesetzlech Dispositiounen geholl ginn, fir sécher ze stellen, dass 't Produiten an 't Déngschtleeschungen esou sinn, dass si komplett accessibel sinn an op dem **Prinzip vum „Design for all“** baséieren.

> Zougank zu Kultur, Fräizäit a Sport

Mir müssen, wéi all aner Bierger, 't Méiglechkeet hunn un allen Aktivitéiten am Beräich vun der Kultur, der Fräizäit an dem Sport **ouni Aschränkung deelzehuelen**, dat heescht si musse komplett accessibel sinn a mir müssen eis och kulturell an artistesch ausdrécke kënnen.

> Zougank zum öffentlechen Transport

Mir müssen, grad esou wéi all aner Bierger, 't Méiglechkeet kréien **fräi an onofhängeg ze verreesen**, ob dat mam Bus, Zuch, Fliger oder Schëff ass, an dat bis zu der Destinatioun déi mir aus rausgesicht haten .

> Zougank zu öffentlechen Infrastrukturen

Mir müssen, grad esou wéi aner Bierger, e kompletten , fräien an onofhängegen Zougank hunn, also och wa mir e Blannen- oder Assistenzhond bei eis hunn, zu allen **öffentleche Gebaier an öffentleche Plazen**, wéi Parken, Spillplazen, Restauranten, Bistronen, Theateren, Geschäfte, Muséeën, oder all aner Plaz am bebauten **Ëmfeld**, wéi Trottoiren, Stroossen, Foussgängersträifen ënner séchere Konditiounen. Et musse gesetzlech Dispositiounen geholl ginn, fir sécher ze stellen, dass dat bebauten Ëmfeld komplett accessibel ass an op dem **Prinzip vum „Design for all“** baséiert.

> Accessibel Kommunikatiouns- an Informatiounsméiglechkeeten

Mir müssen, wéi aner Bierger, vollen Zougank, an enger accessibeler Form, zu **allen Informatiounen** am privaten oder öffentleche Secteur hunn (elektronesch Formater, a schrëftlecher Form , Braille, grouss Schrëft, Gebärdesprooch, Audio, Ënnerzettel, liicht verständlechen Text). Mir müssen Zougank zu der ganzer Palette vun **elektronesche Kommunikatiounsmëttelen** hunn déi um Maart uegebuede ginn, fir 't Méiglechkeet ze hunn, komplett um sozio-ökonomesche Liewen vun der Gesellschaft kënnen ze participéieren.

> **Zréckweisen vun all diskriminatoresch oder stereotyp Opfaassung vun Leit mat Behënnerungen**

Mir, behënnert Fraen a Männer, ruffen zum **Respekt vun eiser Dignitéit** am politeschen an ëffentleche Liewen, an der Reklamm an an de Medien op.

> **Gläichen Accès beim Wielen a bei der Participatioun a Walcampagnë**

Mir müssen, wéi aner Bierger, eis Walrechter fräi an onofhängeg notze kënnen ('t Recht op Geheimwal an op accessibel Walbüroen, Walmaterial a Waldokumenten abegraff) grad esou wéi eist Recht, op eng ëffentlech Funktioun gewielt ze ginn.

DE MOUVEMENT VUN DE BEHËNNERTE LEIT FUERDERT:

1. **Aneneegräifend Anti-Diskriminéierungsgesetzer am Beräich Behënnerung, fir 't Leit mat Behënnerungen ze protégéieren**, fir bestoend Barrièren ofzebauen, fir 't Entstoe vun neie Barrièren ze verhënneren, fir gläich Méiglechkeeten a gläich Participatioun an alle Liewensberäicher ze sécheren.
2. Eng **séier Ënnerzeechnung a Ratifizierung** duerch déi Europäesch Communautéiten an 't EU-Memberstate vun der **Internationaler Konventioun fir 't Rechter vun de Leit mat Behënnerungen**.
3. Konkret Mesuren, Ziler an Objektiver an der regionaler, nationaler an europäescher Politik fir eng **gläich Behandlung an der Ausbildung** a Participatioun um soziale Liewen vun de behënnerte Kanner.
4. Konkret Mesuren, Ziler an Objektiver an der regionaler, nationaler an europäescher Politik fir eng **gläich Behandlung bei der Astellung op eng Aarbechtsplaz**.
5. National Reformen zugonschte vun enger **De-Institutionalisierung vun Leit mat Behënnerungen, an 't Ubidden vun Alternativen fir en onofhängegt Liewen an der Communautéit** duerch qualitativ a bezuelbar Déngschter mat adequater Finanzéierung, den EU- Niveau abegraff;
6. Elementar Critèrë fir **Accessibilitéits- an Anti-Diskriminéierungsfuerderungen an alle Finanzéierungsinstrumenter**, den EU-Niveau abegraff, fir esou 't Entstoen vun neie Barrièren ze verhënneren;

7. **Étuden a Statistiken iwwer Behënnerung**, déi di real Situatioun a Liewensëmstänn vun behënnerte Leit an Europa weisen, am Sënn vun enger kloer Basis fir 't Entwécklung vu gesetzleche Mesuren an Initiativen zugonschte vun enger effiacer Protectioun vun eise Rechter.
8. **Gemeinsam Normen a Gesetzer fir de kompletten Zougank zu Produiten an Déngschtleeschungen** an der ganzer Europäescher Unioun.

Mir, 't Leit mat Behënnerungen an Europa, fuerderen 't Europäesch Unioun, déi national, regional a lokal Autoritéiten op, an enker Zesummenaarbecht mat allen Acteure vun der Zivilgesellschaft, 't Diskriminéierung an 't Annalen vun der Europäescher Geschicht ze verbannen!

MAACH E SCHRËTT, ÄNNER EPPES

Eng Minutt vun Ärer Zäit kann den Ënnerscheid
fir 't Liewen vun méi wéi 50 Milliounen Leit ausmaachen
ËNNERSCHREIWT op www.1million4disability.eu